# Hierschtdeko aus dem Bësch

- Cycle 3 – 4
- Dauer: 3 Stonnen
- fest Schong undoen an dem Wieder ugepasste Kleeder
- e Sak oder e Kuerf matbréngen, fir d'Material

***De Bësch bitt eis am Hierscht eng grouss Auswiel u Material, mat deem een esou allerhand maache kann. Bei engem Spadséiergang iwwert de Gaalgebierg kucke mir eis de Bësch emol mat aneren Aen un a sammele Käschten, Eechelen, Buchecker, Dännenzapen, Hieselnëss, Spackelter, faarweg Blieder a nach villes méi. All dës Saachen huele mir dono mat an d'Matgesfeld a bastelen eis domat eng flott Hierschtdeko fir mat Heem ze huelen.***

- wéini: dënschdes an donneschdes mueres vun 9 bis 12 Auer (11.10., 13.10., 18.10., 20.10., 25.10., 27.10.)
- Umeldung iwwer: **matgesfeld@suessem.lu**
- weider Infoen op: **www.matgesfeld.lu**